

d' Peffermillen

Rechegeschicht:

E Mann huet zu Bouneweg en Haus, dat en u 40 Persoune verlount huet. An all Zëmmer wunnen 5 Persounen, a jiddereen bezillt 1.300 F. Wat bréngt dat Haus dem Proprietär all Mount an?

Loyerskandal? A wie schwätzt dann dovun? Aldeeglech Praxis zu Lëtzebuerg.
ek.

De Koschter huet gelies, datt déi däitsch Bëschofskonferenz eng Etüd an Opdrag gin huet zum Thema Atomenergie. De Koschter hofft, datt de Bëschof vu Lëtzebuerg séch och heibei séngen däitsche Kollegen uschléisst an séng Zesummenaarbecht matt hinnen nët beim neie Gebietbuch si léisst. csst

Jorelaang steet d'Synod schon op der Dagesuerdnung. 'T muss een sech allerdéngs d'Fro stellen: fir ween nach? Huet si ufanks Ulass zu vill Hoffnunge gin, sou schénge jhust déi elo Mangelwuer ze sin - oder hun déi béis Stëmme Recht, déi gaangs ufanks behaapt hun, d'Synod géif noutgedrongenerweis am Pabeierkrich stieche bleiwen? Si haten demools schon Zweifel um Wëllen zur Erneierung. D'Erfahrung vun de leschte Joren schéngt hinne Recht ze gin. D'Synodegremien sin ëmmer manner besicht: Poorgremien, déi sech mat Dokumenter oofgin sin dënn geséit; op Dekanatsniveau schéngt de Studium vun enger Viirlag sech vu Kéier zu Kéier méi op eng Pflichtübung ze reduzéieren wou an ee bis zwee Owender alles duerchgeboxt gët. Déi spärlech Assistenz an déi dënn Kommentären schwetzen eng däitlech Sprooch. Och d'Synodale verléieren de Courage an de Bëschof gesouch sech gezwongen, en Appell ze maachen fir datt déi next Vollversammlung nët wéinst Beschlossonfähegkeet an d'Waasser fällt.

D'Fro stellen, ob d Lëtzebuerger Wort" d'Themen vun de Viirlagen zur Diskussioun stellt, as och schon d'Äntwert gin: Ausser Resümeeën vun Dokumenter an gewéinlech enger Sait um Virowend vun enger Vollversammlung as keng Spur vun öffentlecher Diskussioun ze gesin.

Et schéngt ons kloer, dass d'Synod nëmmen e Sënn huet, wann se Geleënheet zu wierklecher Erneierung gët. Eng ganz Koalitioun vun influente Kreesser schéngt sech deem ze widersetzen, je nodeem bewusst oder nët.

Ganz ouni Sënn as d'Synod wuel nët, biren Afloss ka nun eemol nët genau gemooss gin. Et wär schued, wann dee ganze Rummel nëmmen eng zousätzlech Il-

Illustratioun vum Parlamentarismus wär: ausschlaggebenden Afloss vum der schweigender Mehrheit op Säite vum de Bremser.

Eis Befürchtungen iwer d'Synod wollte mer vergläiche mat der Meenung vum e puer Sonndeskierchegänger. E Samschdeg, den 21. Januar huet de Koschter ronn 25 Kierchegänger zu Gaasperech, Beggen an um Fëschmaart folgend 3 Froe gestallt: 1. Hutt Der a läschter Zäit eppes vum der Synod héiren?

2. Mengt Der, d'Synod wär wichteg fir Iech?

3. Mengt Der, 't wär wichteg, datt d'Synod géif iwer d'Thema

"Glaw a Politik" schwetzen?

As Ärer Meenung no dës Diskussioun schon am Gaang?

Loosse mer festhalen, datt eng hallef Dose Leit guer näischt wollte soen zum Thema Synod.

Zu deenen eenzelne Froen:

ad 1): D'Leit hun am allgemengen näischt vum der Synod héiren an der Läscht, obschon Viirlagen vu Ko 7 an Ko 8 ënnerwee sin.

ad 2): Déi Befroten hu ganz allgemeng Erwaardungen, mä keng perséinlech Bezéiungen zur Synod.

ad 3): Allgemeng gët ënnerstrach, datt Glaw a Politik zweërlee sin a nët solle matteneen vermëscht gin. Kee wosst ze son, ob dat Thema schons an Diskussioun wir oder nët.

Heizou e klenge Kommentar: Eis Befürchtungen si bestäerkt gin. D'Erneuerung geléngt nët duerch dës Dokumenter: d'Kierchevolleek fillt sech nët betraff, nët ugesprach. Et geet jo och ouni. Den Apparat leeft a späitzt regelméisseg sai Pabeier aus.

Zur läschter Fro as dee bal eendeitege Refus vum Thema "Glaw a Politik" nët nëmme bedauernswäert (d'Synodalen wäerten trotzdeem an hirem Glashaus geléiert Wieder "en masse" heiriwer verléiren), mä et schéngt eis doriwer eraus wichteg, dee feste Blocage opzeweisen, deen aus der Mixtur Kierch - CSV - "Lëtzebuerger Wort" entstan as. Hei as et wou et gëllt, opzeraumen wa mer wëlle versichen, datt et zu engem Neibedenken vum onser chrëschtlecher Praxis aus dem Glaw eraus soll kommen. Ob d'Synod heizou bäidroen kann a wëllt!? Insoufern et d'intern Diskussioun virun der Vollversammlung betrëfft, muss d'Äntwert wuel negativ ausfalen. Déi schéi Rieden op der Vollversammlung kënnen nët doriwer ewechtäuschen. g.

De Koschter as erschreckt, wéi e gelies huet (L.W. 22.12.76), dass déi Helzener Por trotz hirer batterer Erfahrung drop géif halen, dee wonnerbaren Holzaltoer aus der Klaus, deen den 3. August gestuel gi wor, nees zrëck an d'Duerf ze kréien, statt en op sécherer Plaz am Musée stoen ze loossen. De Paschtouer vum Helzen huet verschiddeentlech argumentéiert, eleng d'Original wär e Gnodebild, eleng e Gebied vrum Original kënnt d'Gnod Gottes erfollegräich em Hëllef ruffen. Dem Koschter schéngt, wéi wann also nët nëmme aus kulturpolitesche Sécherheetsgrënn, mä och aus theologesch-pastorale Grënn - nämlech fir esou e magescht Gnodeverständnis oofzebauen -, derfir gesuergt soll gin, dass den Altoer grad nët zrëck op Helze kënnt. Dat eenzegt Argument, wat fir eng Réckfëirung schwätzt, as dem Koschter sénger Meenung no, d'Taatsaach, dass esou en Altoer erëischt a séngem ursprungleche Kader, der Klaus, richtig zur Geltung kënnt, an dat schéngt jo déi Helzener och nët wëlles ze hun, well si ruffen op fir Spenden zu enger Warnanlag an der Poorkierch, nët an der Klaus. Jiddefalls dærf et nët esou wäit kommen, dass eng lokal Kierchefabrik aus Kierchtuermsdenken eraus déiselwecht Ieselei mécht wéi en Iechternacher Gemengerot a Saache Löschenhaus. D'Künstler hun nach ëmmer, vum Anspruch vum der Konscht hir, fir d'Vollek geschafft, nët fir e puer Leit, an hiert Wierk gehéiert dem ganze Vollek, nët engem Paschtouer, enger Kierchefabrik oder engem Gemengerot. m.p.

Le sacristain a pu constater que dans certaines administrations de notre Etat, notamment à l'Administration de l'Emploi, les fonctionnaires sont "extrêmement" polis avec les gens. L'autre jour, un jeune immigré, ingénieur, s'y est présenté pour chercher du travail. Après maints renvois d'un bureau à l'autre, un des fonctionnaires lui a fait la remarque qu'au Luxembourg on n'avait besoin que de gens qui travaillaient et non de gens qui desirent commander. Le sacristain trouve que cette remarque est particulièrement judicieuse et bien choisie, et on serait bien loti si on devait se laisser commander par un fonctionnaire comme lui.

Sim